N°2830
Entrée le 04.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.09.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den 2. September 2024 koum et zu engem trageschem Frontalzesummestouss op der N15 tëschent Feelen a Heischent, bei deem fënnef Mënschen ëm d'Liewe komm sinn. Dësen Accident gëtt als dee schlëmmste Verkéiersaccident zu Lëtzebuerg zënter Joerzéngte beschriwwen. No Informatiounen aus der Press ass d'Ursaach nach ëmmer onkloer.

Dëst ass net den éischten déidlechen Accident op dëser Plaz: Schonn am Dezember 2020 ass hei ee Mënsch gestuerwen. D'Statistiken aus dem Rapport vun der Administration des enquêtes techniques (AET) weisen, datt 2024 insgesamt 18 Accidenter mat 18 Doudesfäll op de lëtzebuergesche Stroossen ze bekloe waren, dovunner 9 mat Motocyclisten. D'N15 an aner Nationalstroosse representéieren e bedeitenden Undeel vun den Accidenter, dëst zum Deel aus Infrastrukturgrënn, well et u Glissièren oder adequate Sécherheetsmesurë feelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng spezifesch Analyse vun der Sécherheet op der N15 huet d'Regierung an de leschte fënnef Joer duerchgefouert, besonnesch op der Plaz ëm Feelen, wou schonn 2020 een déidlechen Accident geschitt ass, a wat waren d'detailléiert Resultater dovunner?

2. Plangt d'Regierung Infrastruktur-Mesuren op der N15 ze huelen, fir d'Sécherheet ze verbesseren - besonnesch wat d'Placéiere vu Glissièren ugeet, sou wéi et vun der AET recommandéiert gëtt?

3. Gëtt et eng detailléiert statistesch Analys iwwer d'Verhältnis vun Accidenter op der N15 am Verglach mat aneren änlechen Nationalstroossen (N3, N4, N7, N12, N13) wat d'Verkéiersopkommes an de

Mortalitéitstaux ugeet?

4. Wéi eng Koordinatioun existéiert tëschent der Police, der AET an dem Groupe de travail "Audit de sécurité" fir esou dramatesch Accidenter z'analyséieren an ze verhënneren, a wat sinn déi konkret nächst Schrëtt?

5. Plangt d'Regierung eng national Campagne fir d'Sensibiliséierung iwwer d'richtegt Verhalen op Nationalstroossen, nodeems d'AET-Statistike weisen, datt "Franchissement de la ligne médiane" ee vun de heefegste fatale Faktoren (24 Fäll tëschent 2018-2024) bei Motocyclist-Accidenter ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten